

war, déi mer konnten huelen. Och aus Sécherheetsgrënn an aus finanzielle Grënn.

Wéi gesot, et geet jo hei drëm, datt méi Transparenz soll an déi Prozedure kommen, datt d'Leit solle besser informéiert sinn, datt se och eng Méiglechkeet kréien, fir hiert Wuert do matzeschwätzen, an duerfir wäerte mir eis och dem Vote vun deenen zwee Projeten hei net verspären.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Ëmweltminister.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Merci, Här President. Ech wëll et ganz kuerz maachen. Zum Fong gëtt et net ganz vill bäizefügen zu deem, wat de Rapporteur op seng gewinnten exzellent Aart a Weis hei gesot huet. Ech mengen, dass et och e Konsens gëtt a ville Froen. Ech wëll just zwou praktesch Saache vläicht soen.

Dat Éischt ass eng Äntwert op déi Fro, déi de Kolleeg Camille Gira gestallt huet. Déi éischt Pläng, déi wäerten där Evaluatioun hei ënnerzu ginn; wat de Plan sectoriel vum Transport an dee vun de grands ensembles paysagers wäert sinn. Mir sinn eis doriwwer eens, dass déi Evaluatioun op der Basis vun dëser Gesetzgebung a vun dëser Direktiv am Hierscht wäert ugoen. Zweetens ass zu deem Punkt och ze soen, dass natierlech de Plan national iwwert d'Décheten, wann deen dann, esou wéi mer et elo am Timing virgesinn hunn, bis Enn des Joers fäerdeg ass, och där heiter Evaluatioun ënnerzu gëtt. Doriwwer därerf et keng Diskussioun ginn.

An déi zweet Bemierkung nach vläicht: Ech hu vu ville Riedner eppes opgefaangen, wat, mengen ech, richteg ass. Den Här Mehlen huet dat genannt „Gewulls“ an den Här Gira an anerer hu gesot: „Opklärung, déi wuel néideg ass“.

Ech mengen hei mat an de Ministère - ech wollt elo soen „mat heemzehuelen“, dass een effektiv och mat 97/11 a mat 2001/42 vläicht muss, zesumme mam Här Wiseler a mam Här Halsdorf, eng Agence domat beoptragen, fir déi Gesetzgebungen eng Kéier op eng relativ einfach Aart a Weis ze erklären, net nëmme fir d'Gemengen, mä och fir déi staatlech Autoritéiten a fir all déi privat, déi hei och kënne mat esou Projete behaft sinn. Et ass noutwendeg, fir eng Kéier kloerzemaachen, wien do elo wat fir eng Kompetenz wéini huet, wat fir eng Délaien dass et da gëtt a wéi laang d'Prozeduren daueren.

Eng lescht Bemierkung vläicht och nach: Et soll hei ëmmer den Zweck sinn, hei besonnesch jo, et an engem Stade précoce ze maachen, wat evidentereis ganz wichteg ass, dass et eis awer drëm geet, fir Prozeduren domadder déifgrënneg ze maachen a gutt ze maachen, awer net onbedéngt onendlech an d'Längt ze zéien. Well mir hu bei ville Projeten hei am Land, wann ech elo d'Kap als Transportminister géif undoen, wierklech de Souci, dass mer och virukommen an dass d'Prozeduren net dofir do sinn, fir d'Saachen onendlech an d'Längt ze zéien. Hei brauche mer och e gesonden Equiliber. Duerfir der Kommissioun Merci fir hir schnell Aarbecht.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5731; Dir fannt den Text am Document parlementaire 5731⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5731 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul

Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5735; den Text steet am Document parlementaire 5735².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5735 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5826 iwwert de SIDOR. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen bis elo: den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Gibéryen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri.

5. 5826 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux de renouvellement des infrastructures d'élimination des déchets ménagers et assimilés du SIDOR

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de SIDOR zu Leide-

leng ass déi eenzeg Müllverbrennungsanlag, déi mir hei am Land hunn.

De SIDOR, de Syndicat Intercommunal pour la Destruction des ORdures, verbrennt den Haushaltsmüll vun de 36 Gemengen aus de Kantone Lëtzebuerg, Esch a Capellen, fir ronn 300.000 Awunner. Dat sinn zwee Drëttel vun der Gesamtaunnerzuel an eisem Land.

De SIDOR gouf 1971 gegrënnt an ass 1976 a Betrib gaangen. D'Müllverbrennungsanlag funktionnéiert de Moment mat dräi lewen, bei enger Temperatur vun 850 Grad Celsius. Pro Stonn kënnen 8 Tonne Müll verbrannt ginn. D'Gesamtcapacitéit läit bei 147.000 Tonne Müll pro Joer.

De SIDOR huet sengerzäit en Exploitationkontrakt mat der Firma SOLUCOM ofgeschloss, deen elo 2008 ausleeft.

D'Müllverbrennungsinfrastrukture sinn am Schnëtt méi wéi 30 Joer a Betrib. Fir weider produktiv ze bleiwen an d'Betriben- a virun allem d'Versuergungssécherheet ze garantéieren, déi enorm wichteg ass, mussen d'Verbrennungsinfrastrukturen an deenen nächste Joren integral erneiert ginn.

De SIDOR huet och schonn iwwert de Wee vun enger öffentlecher europäescher Ausschreiwung engem neie Gestionnaire, der Firma SOTEC vu Saarbrécken, d'Exploitation fir déi nächst 20 Joer iwwerdroen, woubäi déi 52 Leit vun der SOLUCOM, déi beim SIDOR schaffen, integral vun der SOTEC iwwerholl ginn; an dëst opgrond vum Gesetz vum 19. Dezember 2003 iwwert de Maintien des droits des travailleurs en cas de transfert d'entreprises.

D'Gesamtkäschte vun der Erneierung vun de Müllverbrennungsinfrastrukture belafe sech op ronn 100 Milliounen Euro, fir genau ze sinn 99.745.250 Euro. D'Käschte gi vum SIDOR-Gemengesyndikat gedroen. De Stat bedeelegt sech um Projet mat 25% iwwert de Fonds de la protection pour l'environnement. Dat mécht fir de Stat en chiffres ronn 25 Milliounen Euro oder genau 24.936.310 Euro aus.

Well dëse Chiffer vu 25 Milliounen Euro nom Gesetz vum 8. Juni 1999 no Artikel 80 de Seuil vu 7,5 Milliounen dépasséiert, déi d'Regierung investéiere kann ouni den Accord vun der Chamber, brauche mer e Gesetz, wat mer haut de Mëtten hei wëlle stëmmen.

Här President, eier ech op den Detail vun der neier Müllverbrennungsanlag zu Leideleng ze schwätze kommen, wëll ech fir d'éischt op déi allgemeng Hausmüllorfallsituatioun hei zu Lëtzebuerg agoen.

D'Gestioun vum Hausmüll ass am Gesetz vum 17. Juni 1994 geregelt. D'Haaptobjektiver dofir sinn:

- 1) d'Preventioun an d'Reduktioun vum Müll,
- 2) d'Valoriséierung vum Müll duerch Recycling an
- 3) d'Eliminatioun vun deem Müll, deen net méi ka valoriséiert ginn.

Dëse leschten drëtte Punkt vun der Eliminatioun vun dem Reschtmüll geschitt hei zu Lëtzebuerg an dräi interkommunale Syndikater: éischstens dem SIDOR, ëm deen et hei haut geet; zweetens dem IDEC, en interkommunale Syndikat vu 55 Gemengen aus der Regioun Dikrech, Ettelbréck a Colmar-Bierg, mat der Décharge um Friedhaff bei Dikrech, an drëtts dem SIGRE, en interkommunale Syndikat vu 25 Gemengen aus der Regioun vu Gréiwemaacher, Réimech an lechternach mat der Décharge am Muertendall zwësche Betzdorf a Gréiwemaacher.

De IDEC funktionnéiert mat enger mechanischer Virbehandlung a seng maximal Exploitation ka bis zum Joer 2020 goen. Hei gëtt zesumme mam Ëmweltminister no aneren Eliminatiounsméiglechkeete gesicht. De SIGRE huet nach eng Exploitationssäit fir déi aktuell Extentionphasen 1 an 2 bis zum Joer 2010. Am Ganze bestinn awer do Stockagecapacitéite bis zum Joer 2060. Ervirsträiche wëll ech déi gutt Zesummenaarbecht ënnert deenen dräi Syndikater, déi sech géigesäiteg hëllef bei Enkpäss.

Här President, de Fonctionnement vum SIDOR baséiert um Gesetz vum 23. Februar 2001 a begräift wéi scho gesot 36 Gemengen aus de Kantone Lëtzebuerg, Esch a Capellen.

D'Vokatioun, fir den Hausmüll net nëmmen ze verbrennen, mä sech och am Recycling ze engagéieren, weist sech um gudden Fonctionnement vun zwee Gemengesyndikater, éischstens dem Minettkompost, deem 22 vun deene 36 Gemenge vum SIDOR ugehéieren, an zweetens dem SICA aus dem Westen, deem aacht vun de SIDOR-Gemengen ugehéieren.

Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR funktionnéiert nach just mat engem groussen Uewen a grad wéi déi aktuell Anlag mat 850 Grad Celsius. D'Verbrennungscapacitéit läit bei 20 Tonne pro Stonn a bei 150.000 Tonne pro Joer. D'Gasen, déi entstinn, ginn duerch Katalysatore gefiltert, fir Dioxin a Schwéiermetaller net an d'Luucht ze blosen. Hei ginn déi neisten Technologien agesat, déi deene méi strengen Norme vun der Protektioun vum Buedem, dem Waasser an der Loft vun haut och entsprechen.

D'Chaudière, fir d'Verbrennungsanlag ze bedreiwe vum SIDOR, dégagéiert nach eng Hëtzt vu 400 Grad Celsius a Form vun Damp mat engem Drock vu 40 Bar. Dat ass ganz héich. Dëst erlaabt et, eng Cogénérationsanlag ze bedreiwen, an hei eraus erkläert sech och haaptsächlech, firwat de Projet vum Fonds pour la protection de l'environnement ënnerstëtzt gëtt.

D'Cogénérationsanlag erlaabt et engersäits, Strom ze produzéieren an en an d'öffentlecht Stromnetz anzespeisen, mat enger Capacitéit vu 16,5 Megawatt. Dëst entsprécht enger Stromversuergung vu ronn 10.500 Haushalter.

Hei wëll ech erwähnen, dass och elo scho Strom an d'Netz agespeist gëtt mat enger Capacitéit vun 11 Megawatt fir eng Equivalenz vu 7.000 Haushalter. Déi aktuell 11 Megawatt entsprechen engem Prozent vun eiser nationaler Stromconsommation. An déi 16,5 Megawatt vun där neier Anlag entsprechen 1,5% vun der nationaler Stromconsommation, wat schonn impressionnant ass.

Wat de Projet awer vum Ëmweltaspekt zousätzlech interessant mécht, ass, dass d'Cogénérationsanlag sënngeméis och Hëtzt auskoppelt mat enger Capacitéit vun 18 Megawatt. Dës Hëtzt soll Gebailechkeeten hëtzen an der Zone d'activité vun der Cloche d'or a Gaasperech. Heifir soll eng siwe Kilometer laang Leitung vu Leideleng op d'Cloche d'or verluecht ginn. Do soll vun der Stad Lëtzebuerg eng Zentralheizung gebaut ginn, déi d'Hëtzt iwwert de Wee vun engem Réseau urbain de chauffage a verschidden Deeler vun dëser Zone d'activité transportéiert.

Et ass estiméiert ginn, dass Bürosraimlechteken, dat hänkt awer och vill vun der Konstellation of, fir eng méi wéi 10.000 Leit op dësem Wee kënne gehëtzt ginn. Dës Käsche gi vun der Stad Lëtzebuerg gedroen.

Här President, erwähne wëll ech och, dass d'Schlaken, déi bei der Müllverbrennung op der SIDOR entstinn, déi 25% vum Gewicht an 10% vum Volume vun verbrannte Müll duerstellen, no Däitschland bei Krefeld transportéiert ginn an eng speziell Entsorgungsanlag, wou de Rescht vum Metall récupéréiert a recycléiert gëtt. Déi entstehend Äsche bei der Verbrennung, déi 3% vum Gewicht vum verbrannte Müll duerstellen, ginn an Däitschland an ënnerierdesche Salzmine gelagert, wou se geschützt sinn, well hei keng Fichtegkeet besteet a se sech domat net zersetzen.

Här President, de Projet de loi ass den 2. Januar 2008 déposéiert ginn. D'Kommodo-Inkommodo-Prozedur ass um Lafen a wäert Enn 2008 ofgeschloss ginn. Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR zu Leideleng wäert am Prinzip Enn 2010, Ufank 2011 a Betrib goen. Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR kascht wéi gesot 100 Milliounen Euro a gëtt aus deene virdrun erkläerten ëmweltspezifischen Aspekter mat 25% vum Fonds pour la protection de l'environnement nom Gesetz vum 31. Mee 1999 a mat 25 Milliounen Euro vum Stat subsidiéiert.

Domadder bieden ech Iech, dësem Projet de loi zouzestëmmen, ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'1.-Mee-Féier fänkt un. Ech kréie scho gesot, ech soll virumaachen an net vill schwätzen. Ech gi mer dann all Méi.

(Hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank wéi ëmmer dem Roger Negri, no deem ech oft hei muss schwätze goen, well de Roger ass viru mir am Ëmweltberäich, Merci ze soe fir dee Rapport, deen hie gemaach huet, mëndlecher a schrëftlecher Aart.

Et ass gesot ginn hei, d'Verbrennungsanlag vu Leideleng, déi eenzeg am Land, soll ersat ginn, well se al ass a well och de Vertrag vun der SOLUCOM zu Enn soll kommen. Interessant ass awer Folgendes: An dem Beräich vum Syndikat SIDOR an der Minettsgéigend an och a Capellen a Lëtzebuerg wunnen 300.000 Mënschen. Dat si 70% vun allen Awunner, an déi produzéiere ronn 66% vum gesamten Haushaltsoffall hei am Land.

Amplaz vun dräi Anlagen, dat ass interessant a sech an der Technik, gi keng dräi nei Anlage gebaut, mä eng eenzeg. Et ass interessant, well domat muss ech dovun ausgoen, dass déi Firma weinst Redundanzierwerleungen eng ganz seriö an ökologesch Anlag wellt bauen. Well, wa se nëmmen eng wellt maachen, da muss se dovunner ausgoen, dass hir Anlag mat 20 Tonne pro Stonn eng ganz fiabel ass. Mä si huet awer virgebaut. An duerfir hu mer nach déi zwee aner Syndikater, de SIGRE an de SIDEC, déi mat Hëllefprogrammer ëmmer bereet sinn, wann eppes géif schifgoe beim SIDOR, dann zäitweilg Müll opzehuelen a bei sech ofzelageren.

(Interruption)

Jo, dat maacht Dir heiansdo, an dat ass sympathesch. Mir hëllefen lech awer och. Ech denken do un d'Thomasschlake viru ville Joren.

D'SOTEC huet och zougesot, dass si eventuell den Haushaltsmüll an hir Verbrennungsanlagen am Ausland, an der Groussregioun, géif ausféieren an dann do eliminéieren.

E puer Wuert awer nach zu den Tabellen, déi mer virgestallt kritt haten. Do ass opgefall, dass beim SIDOR iwwer zéng Joer eng Moyenne vun 125.000 Tonne pro Joer verbrannt gi sinn.

Et ass hei gesot ginn, an ech répétéieren et ganz gären nach eng kéier. Eis Offallpolitik gétt gedroe vun e puer Kärpunkten: der Vermeidung, dem Recycling, der Weiderveraarbechtung an zum Schluss der Verbrennung.

An dat gesäit ee scho ganz gutt dobaussen um Terrain. Wann ee méi al ass wéi déi jonk Mënschen heibannen, weess een, wéi vill Müllkippe fréier hei am Land waren an, wann een haut duerch d'Land geet, wéi vill Recyclinghäff dorëmmer sinn, wou d'Leit sech d'Klensch an de Grapp ginn, fir hire Müll ofzeliwweren, dee se virdrun doheem triéiert hunn.

Dat beweist, wéi déif d'Ëmweltpolitik an d'Offallverwärtung schonn an de Käpp vun de Mënsche verwuerzelt sinn, an et kann een déi Leit nëmmen ënnerstëtzen, déi an d'Schoule ginn a mat jonke Leit dee Prozess virundreiwen.

Well déi Jonk, déi haut an der Schoul sëtzen, dat sinn déi Leit, déi muer d'Décisiounen huelen an de Betriber an an den Haushalten, an duerfir kann een de Minister nëmmen ënnerstëtzen a sengen Iwwerleungen a Beméiungen, den Ëmwelt- an Offallgedanke wäit an d'Schoulen ze droen.

Nach e puer Wuert zu den Analysen. Wann een d'Tabell kuckt, dann huet een awer esou e mulmege Gefill. An den dräi Syndikater SIGRE, SIDEC a SIDOR sinn zesummen am leschte Joer 199.000 Tonnen ugefall. D'Quantitéit ass also vum Joer 1997 bis 2006 ëm 7.000 Tonne an d'Luucht gaangen, obschonn am Land vill méi Leit bäikomm sinn. Dat heescht ganz einfach, wat ech schonns gesot hunn: D'Leit maache vill méi Tri. 7.000 Tonnen an Zäit vun dach bal néng Joer.

Mä interessant ass awer Folgendes: Den Duerchschnëtsoffall ass vu 461 kg am Joer 1997 op 434 kg am leschte Joer gefall. Dat ass net vill. Dat bedeit also, dass nach ganz vill Aarbecht um Terrain ze maachen ass, fir och déi Leit ze sensibiliséieren, déi doheem nach ëmmer alles an hir Poubelle werfen. Dat gesi mer jo, wa mer duerch d'Stroosse ginn, wéi d'Poubellen deelweis iwwerlafe vum Dreck, an da fret ee sech oft: Wä do net nach munches erauszehuelen?

Aus den Analysen iwwert den Offall kann een erausliesen, dass den Undeel vu Pabeier a Kartong an de Joren 1992 bis 2005 vu 47 kg op 64 kg eropgaangen ass. Wat mech am meeschten erschreckt huet, dat ass den Undeel u Plastik: vun 19 kg op 44 kg an där Zäit. Dat schéngt mir e bësse komesch ze sinn, well ech dach soen, Plastik ass Äerduelech. A mat engem Äerduelechpräis vun 117, 118 Dollar de Barrel...

» Une voix.- 120 Dollar de Barrel.

» M. Marcel Oberweis (CSV).- ...120 Dollar - Merci fir den Awand -, da muss een dovunner ausgoen, dass et sech lount ëmmer méi Plastik aus der Mülltonn erauszehuelen an anere Weeër zouzeféieren, voire e Recycling ze maachen.

Et géif duerfir a mengen Ae Sënn maachen - et ass elo ewell ze spéit - nozedenken an am SIDOR eng Recyclinganlag fir de Plastik anzebauen. Dat kann een am Ausland gesinn, an et ass eigentlech ni ze spéit, fir dat ze maachen. Well mir sollen net vergiessen, dass beim PVC den C fir Chlor steet. Chlor ass eng Verbindung, déi douewen an der Atmosphär hiert Onwiesen dreift am Kader vum Treibhauseffekt. Och wa mir Filteren abauen, e Quäntche geet ëmmer derduerch, well 100%eg Filteranlage kréie mer jo ni.

Fläicht wier et och sënnavoll nozedenken, ob een dann déi ugesammelt Plastikmengen net eventuell als Ersatzstoff vun der Braunkohle kënnt huelen zu Rëmeleng an der Intermodale-Verbrennungsanlag. Do gëtt mat 2.000 Grad Celsius verbrannt, also schadstofffräi. An deem Zesummenhang wär et fläicht och derwäert nozedenken, ob een de Klärschlamm, deen am Land ufält, sollt dréchnen an och an der Intermodale verbrennen, well do gi mat 2.000 Grad Celsius d'Schweiermetaller agebonnen am Klinker.

Ech kommen zum Schluss. Et ass wichteg ze ënnersträichen, dass, och wa mir nogschalt Filteranlagen hunn, déi de Schwefeldioxid, Stickoxiden, Dioxiden a Furanen erausfilteren, awer nach, wéi ech schonns gesot hunn, en Deel dovunner an d'Ëmwelt kënnt. Ech sinn och ganz frou, dass emol opgehéiert gëtt mat der Ausso, dass d'Temperatur op der SIDOR ze niddreg wier.

Ech hunn nogesicht beim Karlsruher Forschungszentrum, an déi Wëssenschaftler soen, dass 600 Grad Celsius duerginn, fir dass Furanen an Dioxinen eliminéiert kënnen ginn. Derniewent ginn och d'Schweiermetaller wéi Kadmium, Bläi a Quecksëlwer an de Filteren ausgescheed.

Ee Wuert nach just zu der Energiebilanz. Mir hu festgestallt, dass aus enger Tonn Haushaltsoffall ronn 400 Kilowattstunden elektresch Energie gewonnen kënnen ginn. D'lescht Joer waren dat 50 Milliounen Kilowattstunden. Dovun sinn der 38 an de Réseau vun der Cegedel agespeist ginn. Dat waren 1,4% vum Verbrauch vun elektrescher Energie an deem Réseau d'lescht Joer, awer 14% vun den erneierbaren Energien hei am Land, wann een dat därferderberechnen. Brëssel erlaabt jo nach ëmmer, dass een Offall niewent d'Waasser, Wand a Sonn därferstellen.

Ee positiivt an domat och en ökologescht Element ass an deem Dossier hei d'Auskoppele vun der Wäermt aus dem Verbrennungsprozess, well domat jo den Nutzungsgrad vun der verbrannter Meng verbessert gëtt. Dëse Réseau gëtt opgebaut mat der Stad Lëtzebuerg an d'Wäermt soll op d'Cloche d'or bruecht ginn. Et ass a sech gutt, well domat kréie mer schonn en zweete flotte Réseau, niewent der Twinerg am Minett, wou d'Wäermt vun der Twinerg de Frichen zu Belval zougeféiert soll ginn.

Dat sinn Iwwerleungen - a mir ginn net midd et hei ze soen -, d'nohalteg Entwécklung fänkt bei ons un, a wann een de Kyoto-Protokoll genau wellt huelen, da muss all Tonn CO₂, déi mer anerwäerts aspuere kënnen, erausgehewe ginn. Well wa mer esou kënnen d'Wäermt op d'Cloche d'or bréngen, da gëtt do manner Äerdgas a Mazout verbrannt.

E leschte Punkt a menger Interventioun, Här Minister, dat sinn d'Iwwerleunge vun de Syndikater fir d'Zukunft. Ech konnt als Beobachter an der Chamberkommission vun der Territorialreform materliewen, dass do iwwert d'Gestioun vun den Déchete geschwat gëtt. Zurzäit hu mer jo d'Déchargé vum SIGRE am Osten. Do gëtt gesot, dass d'Exploitatioun bis 2010 garantéiert ass an et dierft, wann een de Volume kuckt, nach bis 2060 weidergefuer ginn. Dat ass net glécklech, well do gëtt nëmmen Offall ofgelagert an de Methangas kann eventuell genotzt ginn. Derniewent hu mer de SIDEC, wou gesot gëtt, dass do ka bis 2010 voire 2020 ofgelagert ginn. Da wär do d'Capacitéit ausgenotzt.

Fläicht sollte mer déi kommend Joren zesummen Iwwerleungen ustellen, wéi mer eng Offallvermeidungs- a Recyclingcampagne mat onse Matbiurger fir eng nohalteg Offallwirtschaft aleede kéinten. Domadder kéinten ons Matbiurger dat, wat se bei ILReS-Ëmfroe soen, dass si zu 90% fir d'Erhale vun der Ëmwelt sinn, a boer Mënz ëmsetzen.

Fläicht kann een dann och, wann déi Anlag zu Leideleng gebaut ass, spéiderhin de Reschtmüll, wann dee gutt triéiert ginn ass, vum Norden a vum Osten an d'Anlag vu Leideleng bréngen. Domat hätte mer dann eng gemeinsam, eng eenzeg Verbrennungsanlag fir eist klengt Land. Dat ass Zukunftsmusik, Här Minister, mä mir invitéieren lech, mat deene kompetente Leit an den nächste Joren doriwwer ze schwätzen.

De Käschtepunkt vum Projet ass hei schonns genannt ginn.

Ech bréngen dann, well der CSV den Ëmweltschutz an d'nohalteg Entwécklung wichteg sinn, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Oberweis. D'Wuert huet elo den Här Berger.

» M. Eugène Berger (DP).- Merci, Här President. Ech well och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht. Et wäert och haut net déi leschte kéier sinn, well hie wäert jo och nach herno beim e-go-Projet eng kéier Rapporteur sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, laang Zäit goufen, fläicht net zu Onrecht, wichteg Bedenke vun de Géigner vu Müllverbrennungsanlagen ugefouert. Dat war ënner anerem d'Loftverschmutzung, d'Energiebilanz, d'Schlakenentsuergung. Och hei zu Lëtzebuerg hu mer nach déi Diskussiounen an Erënnerung, déi jo bis an d'90er Jore gefouert gi sinn.

An deenen zitéierte Beräicher sinn awer an der Vergaangenheet grouss technesch Fortschrëtter gemaach ginn, d'Filteranlage si verbessert an optimiséiert ginn, d'Energieerëckgewënnung ass héich effizient weiterentwickelt ginn an och d'Verbrennung u sech ass optimiséiert ginn, esou datt manner Réckstänn bleiwen. Duerfir ass also haut d'Müllverbrennung praktesch den Optimum am Beräich vun der Entsuergung vum Hausoffall ginn.

Am Vergläich zur Mülldeponie kann een och ervirsträichen, datt ënner anerem d'Gefor vu Buedem- a Waasserverschmutzung, an awer och zum Deel Luftverschmutzung, praktesch net méi gi sinn. Ausserdeem ass et an dicht besidelte Gebidder ëmmer méi schwéier fir noutwendeg Deponieflächen ze fannen. An der Schwäiz, zum Beispill, ass een dozou iwwergaangen, fir den Hausmüll ausschliesslech an Anlagen ze verbrennen. Och hei zu Lëtzebuerg ass also elo d'Müllverbrennung am SIDOR zu engem Haaptstandbee gi vun der Offallpolitik am Beräich vum Hausoffall. Dëst niewent den Deponië vu SIGRE a SIDEC.

Optimal wier et jo natierlech, wann ee kéint an déi Situatioun kommen, datt een hei am Land esou vill géif recycléieren, datt ee guer keng Verbrennung, guer keng Ofagerung bräicht, mä mir wëssen awer, datt dat leider wäert eng Utopie bleiwen.

Et muss een awer ervirsträichen, datt d'Tonnagen am Hausmüll hei zu Lëtzebuerg stagnéieren. D'Chifferen, déi de Rapporteur genannt huet respektiv déi am schrëftleche Rapport ugefouert ginn, weise jo och op, datt hei zu Lëtzebuerg de Bierger gutt sensibiliséiert a gezillt ass an datt hie vill Effortë mécht, déi och vun de Gemengen an de Gemengesyndikater ënnerstëtzt ginn.

Mir brauchen awer weiderhi Verbrennungsanlagen. D'Anlag vum SIDOR ass enn vum Zyklus ukomm a muss komplett erneiert ginn, woufir mer jo dann hei dee Finanzementsprojet an der Chamber diskutéieren. Ouni elo an all déi technesch Detailler anzegoen, déi de Rapporteur ganz gutt beschriwwen huet, kann ee feststellen a begrëssen, datt et eng Installatioun ass, déi wierklech um allerleschte Stand vun der Technik ass.

En anere Punkt, deen ervirzehiewen ass, ass dat Konzept, fir d'Hëtzt an d'Ofwäermt bei der Anlag optimal ze notzen, méi speziell och déi Initiativ vun der Stad Lëtzebuerg, fir d'Wäermt bis op d'Cloche d'or a Gaasperech ze transportéieren an do d'Gebaiier domat ze versuergen. Dat ass letztendlech och am Sënn vun den Effortë fir de Klimaschutz. Hei huet d'Haaptstad wierklech voll hir Verantwortung iwwerholl.

Ier ech ofschléissen, wëilt ech nach eng, zwou méi spezifesch Remarque maachen.

Déi éischt Remarque betrëfft d'Personal vun der Anlag. Et ass eng Ausschreiwung, fir en neie Bedriever ze bestëmmen, gemaach ginn. De SIDOR huet do en neie Choix gemaach. Et ass an deem Kontext meng Suerg, datt d'Personal - ronn 50 Leit, déi de Moment op der Anlag schaffen - och vun deem neien Exploitant iwwerholl ginn, well ech hätt awer e bëssen e schlecht Gefill, wann ech duerch mäi Vote géif derzou bäidroen, datt deen een oder anere géif an eng prekär Situatioun kommen.

Eng weider Remarque betrëfft den Accès zur Anlag. Mir kenne jo alleguer de Site am Leidelenger Bësch, dee sécher verkéiers-technesch net optimal ass. Vill Camione müssen duerfir duerch Leideleng fueren, wat sécherlech net zur Liewensqualitéit an

der Gemeng bäidréit. Et ass och scho méi wéi eng kéier driwwer geschwat ginn, fir méi en direkten Zougang vun der Escher Autobunn op dee Site ze maachen. Et wier also gutt, wann deen Dossier erëm géif op de Leescht geholl ginn, fir do eng convenabel Solutioun am Intérêt vun de Leidelenger Leit ze fannen.

Eng lescht Fro ass déi am Beräich vun der erneierbarer Energie respektiv vum Urechne vun der erneierbarer Energie. Et war esou, datt an der Vergaangenheet emol déi Energie, déi produzéiert ginn ass am SIDOR, eis ugerechent ginn ass an der nationaler Bilanz, wat d'Produktioun respektiv d'Consommation vun erneierbarer Energie betrëfft. Wann een awer elo kuckt, wat esou eng Anlag duerstellt, da kéint ech mer virstellen, datt dat net méi de Fall ass. Duerfir d'Fro, ob dat dann och nach an Zukunft esou vun der Europäescher Kommission oder den europäeschen Instanze gesi gëtt oder ob dat net méi dozou gehéiert.

Dat gesot, kann ech awer voll a ganz den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Camille Gira.

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vu mir aus e Merci un de Rapporteur fir säin extrem ausféierleche schrëftlechen an awer och gudde mëndleche Rapport; wat et mir och erlaabt mech kuerzzefaassen.

Jo, och déi Gréng wäerten dëse Projet stëmmen. Dat mag eng Rei Leit wonneren, déi sech nach un déi vehement Opposition vun der Grénger Partei géint d'Müllverbrennung am Allgemengen an och d'Fonctionnéiere vun der SIDORs-Anlag, am Speziellen an de Grënnungsjore vun der GAP a GLEI, erënneren.

Wa mir also fir dëse Projet sinn, dann huet dat näischt mat engem Meenungswissel vun eiser Partei ze dinn. Et huet och näischt domat ze dinn, dass an Tëschenzäit deen een oder anere Member vum Büro vum SIDOR eng gréng Parteikaart huet. Mä dat huet domat ze dinn, Här President, dass Müllentsuergung am 21. Jorhonnert net méi vill ze dinn huet mat deem, wat nach an de 70er an den 80er Jore vum leschte Jorhonnert drënner verstane ginn ass. Et huet och domat ze dinn - a mäi Virriedner huet dat scho gesot -, dass d'Müllverbrennung haut nëmme méi weíneg gemeinsam huet mat deem vu virun 20 Joer.

Schlussendlech huet et och domat ze dinn, dass d'Problematik am Offallberäich insgesamt eng aner ass. Virun 30 Joer huet am Kontext „Müllentsuergung“ nach kee Mënsch vum CO₂ a vun allgemengen Energiebilanze geschwat. Dat war keen Thema. Mir haten zwee Themen. Dat eent war de Mangel u Plaz, fir Deponien ze fannen, an dat anert war effektiv d'Belaaschtung vun der Atmosphär mat schwierere Gasen.

Déi Problemer do besti sécherlech och nach a sollen a mussen och nach ëmmer bei der Müllentsuergung gekuckt ginn, mä et ass awer wierklech e ganz wichtige Kritär derbäikomm. Dat ass dee vun der allgemenger Energiebilanz. Wann een haut zum Beispill eng Entsuergung am organesche Beräich ugeet, da muss ee sécherlech aner Iwwerleunge mat afléisse loosse. Da muss ee sech d'Fro stellen zum Beispill, ob eng ganz normal Kompostéierung haut nach zäitgeméis ass, wann ee weess, dass ee soll probéieren aus alle Ressourcen, déi mer eng kéier an de Circuit bruecht hunn, wa méiglech erëm esou vill wéi méiglech Energie zrëckzewannen.

Do ass also schrecklech vill geschitt an deene leschten 20, 25 Joer. Effektiv, wann een nach zrëckdenkt, déi Zäit hu mer einfach alles an eng gro Dreckschécht gehäit: organesch Offäll, Pabeier, Glas, jo souguer Batterien, elektronesch Apparater an esou weider. Dann ass dat alles op Leideleng gefouert ginn, oder op de Friedhaff, oder an de Muertendall. Dann ass dat entweder an e grousst Lach getippt ginn oder an e groussen Uewe gehäit ginn, deen da gedämpft huet.

Deen Uewen hat dann déi Zäit och nëmmen e Minimum vu Filteren. Et ass wuel e bëssen Elektresch mat deem Uewe produzéiert ginn, mä dat war et dann. Dat war u sech eng enorm Ressourcëverschwendung an et si wierklech ganz problematesch Gasen uewen erauskomm, wéi Dioxinen a Furanen. Ech mengen, dass et schonn awer och grad de Match ass, deen eng Gréng Partei an hire Grënnerjoren zesumme mat aneren Organisatiounen wéi Greenpeace an dem Mouvement écologique gefouert huet, dass relativ séier zu Leideleng déi beschit Technologie agesat ginn ass an dass déi Verbrennungsanlag, obwuel se net prinzipiell eng nei Technologie kritt huet, awer trotzdem déi Filtere kritt huet, fir dass - wann ech gutt informéiert sinn - se haut zu deenen Anlagen an Europa gehéiert, déi mat am mannste geféierlech Gasen ausginn.

Wann een d'Müllentsuergung oder d'Müllpolitik haut kuckt, dann huet dat relativ wéineg mat deem ze dinn. Mir wëssen alleguer, dass haut eng Villfalt vun Trien a Recyclagé virun der Endentsuergung ass; mir hu beim Glas - kann ee bal soen - 95% vun deem, wat recycléiert gëtt. Do, wou blo Drecks-këschte stinn, kënnt een och beim Pabeier a beim Kartong extrem héich. Et gëtt Biomüll gesammelt, Gras, Heckeschnëtt an esou weider an esou fort.

Eppes ganz Wichteges soll een net ënnerschätzen, wat vläicht vun der Quantitéit hier net esou enorm vill ass, awer vun der Geféierlechkeet: déi ganz Aktioun Super-DrecksKëscht mam Sondermüll. All déi Batterien, déi soss monter an eng gro Dreckskëscht geflu sinn, fléien haut net méi doran.

Et soll een och de positiven Effet vun enger Initiativ Ecotrel net ënnerschätzen, fir sämtlech elektronesch Geräter - an déi wäerten net méi kleng; dach, méi kleng vläicht, awer net méi kleng an der Zuel ginn -, dass mer déi an Zukunft kréien.

Dat ass och d'Zukunft vun der Offallpolitik: generell d'Hiersteller mat an d'Verantwortung zéien. Wann ee sech iwwerleet, wat an der Automobilindustrie geschitt ass: Zënter dass d'Automobilindustrie selwer responsabel ass, fir hir Autoen zrëckzehuelen an ze recycléieren, ass d'Zuel vun de Plastike vun iwwer 20 an engem Auto - déi mer fonnt hunn, déi een net méi konnt recycléieren, well een net méi wousst, wéi eng Zort vu Plastik dass et war - erofgaangen op zwou oder dräi, déi ganz genee gezeechent sinn an déi beim Entsuerge vun den Autoen an der Automobilindustrie erëm ganz kloer kënne recycléiert a frësch agesat ginn.

Dat ass déi grouss Stoussrichtung, op déi mer sollten um europäeschen Niveau kommen. Mä et ass ganz wichteg, dass grad déi dote kleng Quantitéite vu ganz geféierlech-müll net méi dra sinn.

Wann een dann dernieft och nach gesäit, dass elo mat der Auskoppelung vun der Wäermt vu Leideleng bis op d'Cloche d'or ganz vill Energie ka gespuert ginn, da kënnt Der verstoen, dass och déi Gréng dëse Projet wäerte stëmmen. Ech mengen, dass déi Ausso vun engem vun der Virriedner hei stëmmt, dass, nodeem d'Müllverbrennung eng Zäit ganz heftig an der Kritik stoung, et ganz sécher ass, dass déi Technologie zukunftsfrächtig ass.

Et gesäit ee jo och, dass d'EU-Léiglatioun ganz kloer a Richtung geet, dass lues a lues d'Deponéierung vun - op jidde Fall onvirbehandeltem - Müll wäert geschwënn eriwuer sinn. Ech si fest iwwerzeegt, dass iwwerhaupt d'Deponéierung vu Müll an deenen nächste 15, 20 Joer en Enn wäert hunn.

Duerfir, Här Oberweis, et ass ganz léif, dass Der eng Zesummenaarbecht umahnt tëschent deenen dräi grouse Syndikater a frot, mir sollten eis Gedanke maachen. Mä mir hunn net op lech gewaart, fir eis scho Gedanken ze maachen. De SIDEC, besonnesch - dat kënnt Der lech virstellen - wann ee weess, dass d'Lach spéitstens 2020 wäert voll sinn, da muss ee sech onofhängeg vun enger EU längst virdru Suerge maachen.

Wou ech awer net méi esou iwwerzeegt sinn, Här Oberweis, an och do ass d'Technologie ganz wäit gaangen: Ech weess net, ob a 15 Joer d'Léisung nach wäert sinn, honnerten an dausende Camionen duerch d'ganz Land fuere ze loossen, fir alles op enger Plaz ze verbrennen, wou mer da vläicht awer net genuch Abnehmer hunn, fir déi Hëtzt ze huelen.

Ech wëll net ze wäit goen an och net schonn eng Rei Iwwerleeungen verroden, déi nach intern am Büro vum SIDEC sinn. Ech kéint mer awer en Zeenario virstellen, dass mer souguer vläicht eng Kéier zwou oder dräi Müllverbrennungsanlagen hätten. Och do sinn et viru 15, 20 Joer nach keng Anlage ginn, déi fir 100.000 Leit oder esou kleng genuch wieren; wann ech esou därerf soen. Dat gëtt et ewell haut alles an et ass ganz gutt méiglech, dass mer eng Kéier en Zeenario hunn, dass mer vläicht zwou oder dräi dezentral Anlagen hunn, déi dann no bei de Verbraucher fir d'Hëtzt kënnen e Maximum vun der Hëtzt auskoppelen. Dat ass ënnert der Optik „CO₂-Problematik am 21. Jorhonnert“ dee Wee, dee mer sollte goen.

Mir sinn amgaang do ze iwwerleeën. Ech ka confirméieren, dass d'Zesummenaarbecht tëschent deenen dräi Syndikater exzellent ass a mir waarden op déi nächst Phas vum Plan national des déchets, fir déi lokal a regional Zesummenaarbecht ofzeschwätze mat deene vun der Regierung. Ech gesinn am Ëmweltberäich aner Domänen, wou mer vill méi Hausaufgaben nach hunn a wou mer vill méi Handlungsbedarf hunn, wéi eventuell am Müllberäich. Ech mengen do huet Lëtzebuerg sech an deene leschte 25, 30 Joer relativ gutt opgestallt kritt.

Dat gesäit een och un de Quantitéiten, déi entsuergt musse ginn. Trotz relativ steigender Populatioun hu mer déi Quantitéiten, déi wierklech entweder verbrannt oder deponeiert musse ginn, eenegermoossen am Grëff. Ech wëll net soen, dass net nach Efortë musse gemaach ginn. Mä do ass ganz viles geschitt, esou dass et evident ass, dass mir als gréng Partei deen heite Projet nëmme kënnen ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Gira. D'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus dem Roger Negri Merci fir säin exzellente Rapport, esou wéi mer dat vun him gewinnt sinn, an et kann ee vläicht d'Virriedner bal mat aschleissen, déi alleguer jiddferen nach iergendwéi e spezifeschen Deel hei mat engem grouse Fachwësse virgedroen hunn.

1976 ass de SIDOR opgemaach ginn. Haut, also quasi 30 Joer duerno, hu mer en neie Projet virleie fir de SIDOR, deen de Müll asammelt vun iwwer 300.000 Awunner aus de Kantonen Esch, Capellen a Lëtzebuerg, e Projet, wann een dat mat virun 30 Joer vergläicht, deen haut eigentlech ganz roueg iwwert den Instanzewee geet.

Et waren net nëmmen, wéi de Camille Gira virdru gesot huet, déi gréng Kolleegen, déi aus aneren Iwwerleeungen deemools sech géint esou Projeten ausgeschwat hunn, mä et war och déi Zäit an der Bevëlkerung selwer, kann ech mech erënneren, an deem Eck eng vill méi grouss Opposition. Et war ongeféier bal esou eng Diskussioun wéi mer se haut hunn, wa mer mussen anzwousch e Prision implantéieren; esou war och déi Zäit eng grouss Diskussioun, wien da géif elo déi Müllverbrennungsanlag do ophuelen.

D'Zäiten hu geännert an haut ass et eng Selbstverständlechkeet ginn, dass all Parteien an och all Leit am Land, géif ech mengen, sech där Problematik bewosst sinn a sech och domadder intensiv beschäftegen an hirem dagdeegleche Liewen.

Et ass eng Investitioun, déi net kleng ass. Et sinn ëmmerhin 100 Milliounen Euro, déi hei investéiert ginn, wou de Stat mat 25% dru participéiert. Déi aner gi vun deene syndikéierte Gemengen iwwerholl. Mir wëssen allegueren, wann de Stat eng Participatioun vun iwwer 7,5 Milliounen hält, dass mer da mussen e Gesetz maachen; duerfir ass dat Gesetz haut do.

Ech wéilt och soen, dass haut aner Iwwerleeungen kumm sinn - meng Virriedner hunn et schonn ugeschwat. Ech denken zum Beispill un d'Cogénératioun; wann een dat virun 30 Joer engem gezielt hätt, dass een eng Kéier géif eng Leitung leeë vu siwe Kilometer vu Leideleng bis op d'Cloche d'or fir do, am Zesummenhang mat der Stad Lëtzebuerg, Energie, d'Hëtzt weiderzever schaffen, dann hätt wahrscheinlech keen et gegleeft. Et ass also eng risen Evolutioun an déi Richtung do gaangen, wou et derwäert

ass, dass mer alleguer zesummen dorunner schaffen an de Fachleit och déi néideg Moyaenë ginn, fir Recherchen an déi Richtung ze maachen, well eben och nach ganz viles erauszehuelen ass.

Insgesamt sinn ech awer der Meenung, wann och hei Virriedner gesot hunn, dass mer den Haushaltsmüll eenegermoossen am Grëff hätten, dass e souguer liicht erofgaange wär, dass, global gesinn, mer haut als Bierger vill méi Müll am Gesamte maachen, wéi dat virun enger Rei vu Jore war. Well wa mer kucken, wat mer haut alles erauszéien - dat geet beim Minettkompost un iwwer Recyclingparken, et geet iwwert d'SuperDrecksKëscht -, a wann ee kuckt, wat jiddferen doheem haut nach an deem Beräich mécht - ech hunn elo grad emol ngeduecht, bei mir doheem hunn ech insgesamt aacht Saachen, déi recycléiert ginn -, da stellen ech mer alt ëmmer d'Fro, wéi Leit an Appartementshaier et iwwerhaupt nach fäerdeg bréngen, ze recycléieren, wann ee bedenkt, wat een haut vun de Gemengen alles doheem ewechgeholl kritt respektiv op Recyclingparke féiert. A wann een da kuckt, dass een da wuel net méi esou vill an déi normal Haushaltsmülltonn gehäit, da gesäit een awer, dass een do derniewent nach onwahrscheinlech vill u Müll produzéiert, deen eben op aner Weeër vun esou engem Recycling geet.

Esou dass ech mengen, dass et net nëmmen duergeet, dass mer higinn an dass mer Alternativen zu der Müllverbrennung ubidden doduerch, dass mer eben eng ganz Rei vu Recyclingmesurë proposéieren, mä dass mer och missten nach méi dohinner schaffen, fir insgesamt dat, wat ech alles als Müll betruechten, iwwer e Wee reduzéiert ze kréien. Dat wier och e wesentleche Schratt, dee mer misste maachen.

Dat gesot, Här President - ech menge meng Virriedner hu praktesch alles gesot, wat heizou ze soen ass -, géif ech och d'Zoustëmmung vun dem Grupp vun der ADR heizou bréngen.

» Une voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Gibéryen. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Ëmweltminister, wann ech gelift.

» M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement. - Merci, Här President. Och kuerz mäi Merci un d'Kommissioun an un hire Rapporteur, de Roger Negri, fir déi schnell Aarbecht vum Januar bis elo, fir d'Stëmmen, an domadder och fir dem SIDOR déi néideg Assurance ze ginn, wat d'Finanzéierung ubelaangt. Hei war jo de Mëtteg e bësse schonn en Training fir déi Diskussioun, déi mer ze féieren hunn iwwert den nationalen Déchetsplang.

Eng Rei vun Elementer si scho komm, déi och an eise Vorbereedungen dra sinn, déi bis Enn des Joers sollen ofgeschloss sinn. Mir wäerten dann d'Geleeënheet kréien, och iwwert d'Froe vun der Cogénératioun ze schwätzen an iwwer all dat, wat am Laf vun der Zäit sech an der Entwécklung vun der Technik an der Technologie gemaach huet. An et ass richtig hei bemierkt ginn: Wann et eng Politik gëtt, wou mer an deene leschte Joren iwwer eng Rei Legislaturperioden ewech eng gutt, zilorientéiert Politik gemaach hunn, dann ass et ouni Zweifel déi heiten.

Et sinn e puer Froe gestallt ginn, op déi ech kuerz nach wëll agoen. Mir ass d'Assurance gi ginn, dass déi 52 Leit, déi op där Anlag schaffen, effektiv vun deem neie Bedriewer och iwwerholl wäerte ginn. Dat war de Souci, dee vum Här Berger ausgedréckt ginn ass.

D'selwecht Äntwert op d'Fro - och vun him -, wat d'erneierbar Energien ubelaangt. Si ginn net ugerechent, well einfach d'Kommissioun der Meenung ass, an doriwwer kann een natierlech stonnelaang diskutéieren, dass Energiekonzepter, déi op Offallverbrennung bauen, a sech d'Offallvermeidung net onbedéngt als Prioritéit hunn an domadder och net ugerechent ginn. Do kann een och anerer Meenung sinn, mä dat ass jiddefalls am Moment nach déi Meenung, déi d'Kommissioun an där Fro do ausdréckt.

Ech wëll och nach eng Kéier soen, dass mer e Freideg an der Regierung de Règlement grand-ducal ugeholl hu fir de Comité d'accompagnement anzusetzen, fir zesumme mat der Stad Lëtzebuerg déi Fro vun der Ubannung, wat d'Wäermt ubelaangt, vun der SIDORs-Anlag mat der Cloche d'or an dem Ban de Gasperich ze décidéieren, esou dass dee Comité schnell kann zesummekommen, fir dann och déi Froen - an do gëtt et eng Rei vu Froen nach, déi ze diskutéieren sinn - ze diskutéieren an

dann och eng Proposition un d'Regierung ze maachen, well mer méiglecherweis och do mat engem Gesetz mussen heihinner zrëckkommen, well eis Participatioun méiglecherweis och do kéint iwwert déi 7,5 Milliounen erausgoen, ähnlech wéi mer et mam SUDCAL an Zesummenhang mat der Wäermt vun der Twinerg fir de Beräich vun de Frichë gemaach hunn.

Ech wëll leschtens soen, well dat vun eenzelne Riedner gesot ginn ass, dass et där Strategie vill gëtt, an deene mer amgaang sinn ze schaffen, an ech géif hoffen, dass mer hei bei där Politik vum Offall déiselwecht Resultater hätten, wéi an anere Beräicher.

Mir sinn am Moment amgaangen ze schaffen un der Strategie fir de Plan national vum Développement durable. Mir schaffen um Plan national fir den Offall, mir schaffen un der Klimaschutzstrategie, mir schaffen un der Ëmsetzung vum nationalen Naturschutzplang, dee mer gemaach hunn, a wäerten an deenen nächste Wochen och erausgoe mat der Strategie vun der Ëmsetzung vun der Kaméidispolitik. Et gëtt also viles ze maachen. Ze hoffe wär, dass mer bei deene Strategien allegueren déiselwecht Resultater hätten, wéi mer se déi lescht 20 Joer am Offallberäich haten.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5826. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5826².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5826 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Gleesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

D'Madame Brasseur freet d'Wuert.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Här President, ech wollt lech soen, dass mir d'Prokuratioun hate vum Här Helminger, mä mir hunn als DP net fir den Här Helminger gestëmmt, well den Här Helminger President vum SIDOR ass, an et soll een do d'Part des choses maachen. Duerfir huet den Här Helminger net un dësem Vote participéiert.

» M. le Président. - Domat bleibt et bei 59 Jo-Stëmmen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5822. Dat ass de Projet de loi iwwert de System „e-go“. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, wéi ëmmer haut de Mëtteg, den honorabelen Här Roger Negri.